ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 6. Abrëll 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister weiderzeleeden.

Iwwer déi lescht Jore gouf et ëmmer nees Upassungen a Veränneerungen, esou wuel beim Bestietnis wéi och beim PACS, rezent nach bei der Ierfschaftssteier bei bestuete Koppelen. Am allgemenge schéngt sech de PACS progressiv un déi Dispositiounen, déi d'Bestietnis reegelen, unzepassen. Dacks sinn och déi Problemer, déi bei enger Scheedung, respektiv bei der Opléisung vun engem PACS entstinn, vergläichbar. Duerch déi Entwécklungen an heefeg Ännerungen entstinn awer och Onsécherheeten a Froen, besonnesch bei Leit déi sech iwwerleeën, wéi eng Optioun, d'Bestietnis oder de PACS, fir si déi richteg si kéint.
Fir esou Leit, déi sech wëllen entweder bestueden oder pacsen ze guidéieren, hunn eenzel Gemenge speziell Informatiounsblieder eraus ginn, anerer gi just méi allgemeng Informatiounen a beruffen sech a méi generellen Termen op d'Gesetzer.

Dowéinst wéilt ech dës Fro un den Här Justizminister riichten:

1. Kéint de Justizministère – a Koordinatioun mat anere concernéierte Ministèren oder Administratiounen - a senger Äntwert op dës Fro e synopteschen Tableau opstellen, dee misst reegelméisseg aktualiséiert ginn, an deen d'Ënnerscheeder tëschent dem Bestietnis an dem PACS däitlech an detailléiert duerstellt, besonnesch am Hibléck op

    - d'Bedingunge fir esou eng rechtlech gereegelt Relatioun anzegoen an d'Ëmstänn vun hirer eventueller Opléisung;
    - d'Rechter an d'Flichte vun de Bestueten oder de Partner, z.B. bei de Familljerechter, der Adoptioun vu Kanner, der Acquisitioun vun enger Proprietéit, de Scholden mee och am Krankheets-, Fleeg- oder Stierffall.

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser
Deputeierten